## Stroossener Hueflachspatzen 2022


Mir sinn momentan zu ronn **45 Sänger:innen tëscht 4 an 15 Joer**, souwuel vu Stroossen wéi och vu Bartreng, vu Mamer, aus der Stad a vu Walfer.

D'Joer 2022 hunn eis 2 eelsten Sängerinnen hir lescht Concert'en mat den Hueflachspatzen gesongen. Erlaabt mer dësen 2 treie Sängerinnen **Merci** fir hiert jorelaangt Engagement ze soen; et handelt sech em d'**Isabelle Lipps** an d'**Lou Pescatore**. Si waren mat Häerz a Séil derbäi *(d'Lou war iwwer 15 Joer bei eis)* an domat ganz virbildlech fir ganz vill aner Sänger:innen. Isabelle an Lou, ech wënschen iech vill Erfolleg weiderhin bei ären Etuden an musikaleschen Optrëtter an hoffen iech geschwën nees erëmzegesinn.






Den Ufank vum Joer 2022 war ganz roueg, eis grouss Sängerinnen haten d'Chance kenen den 3ten März an der **Philharmonie mam Joyce Di Donato** an sengem Programm **« Eden »** opzetrieden.


Eisen éischte gemeinsamen Concert, den 10te Juni war d'**Mammendagsfeier** zesummen mat der Musep am Centre Barblé gesongen.




Den 17ten Juni hate mer d'Chance kënne ganz summerlech am Parc de l'indépendance fir d'**Remise des diplômes** vun der UGDA ze sangen.






Den 30ten Juni stoungen eis Kanner mat engem Deel vun der Chorale Ste Cécile op der Bün fir « **Music of hope** ».





Ofgeschloss hu mer d'Schouljoer 2021-22 mat engem klengen **Concert an Ofschlossfest** den 8te Juli am Proufsall mat den Elteren als Publikum.





Den 4ten Dezember stoungen eis Sänger:innen zesummen mam Cycle 1 vun der Musep zu **73 Kanner** op der Bün fir dem **Kleeschen** ze sangen.







Den 3ten, 9ten an den 16ten Dezember hunn mir eis 9 Lidder op de **Chrëschtconcert'en** gesongen. Zum Deel begleet vun 8-10 Schüler aus der Musep op den Orff-Instrumenter, zum Deel vum Jeff um Piano.









E **gréissere Projet** hunn mir dëst Joer am Mee jo nees mat de “Stroossener Musickids” an der Gemeng Stroossen geplangt, mir schaffen un engem **Kannermusical 2**. Mir sinn säit Januar 2023 gutt um Prouwen an hunn och säit leschter Woch Theaterprouwen ugefaangen. De **Schäfferot** huet eisem Aarbechtsgrupp nees hiert Vertrauen geschenkt an ass bereet eis 2 KannerEnsembelen finanziell ze ënnerstëtzen, **villmools Merci** dofir! Verschidden Elteren vun de Sänger:innen an Memberen aus de Clibb hunn sech schon disponibel gewisen fir eis ze hëllefen, och do schonn e grousse Merci!




Bravo un d’Kanner, op Grouss oder Kleng. Mir hunn ganz léif engagéiert Sänger:innen, an freeën eis elo schonn op déi nächst Optrëtter.

E **grousse Merci den Elteren**, si weisen sech ëmmer flexibel an engagéiert.

**Merci dem Comité** fir seng permanent Ënnerstëtzung, **Merci dass de Jeff** eis weiderhin kann musikalesch an de Prouwen ënnerstëtzen. E ganz grousse **Merci dem Josée**; d’Josée huet ëmmer en oppent Ouer fir eis, an weist eis seng voll Ënnerstëtzung wou hatt nëmmen kann.

Entschëllegt meng Absence vun haut. Och wann d’Sänger:innen sech an eise momentanen Online-Prouwen immens present weisen, hoffen ech gläich nees op 2 Been an de Prouwen ze stoen.

Merci fir d’Nolauschteren,

De Jeff an ech wënschen iech e ganz gesellegen Owend!

